piraten.lu

N°3269
Entrée le 28.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.12.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Een Artikel am Tageblatt vum 26ten November beriicht iwwert eng schlecht Aarbechtsatmosphär am Ëmweltministère. Rieds ass vun onfairen Prozeduren, Favoritismus beim Rekrutement an enger gewëssener Arroganz vum Management vis-à-vis vum Personal. Am Artikel steht och geschriwwen: *"Das Umweltministerium befinde sich „mitten im Prozess", um das Wohlbefinden auf dem Arbeitsplatz zu verbessern."* Dës Ausso kann een als Bestätegung liesen, dass d'Wuelbefannen op der Aarbecht am Ëmweltministère aktuell net gutt ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat wäert den Ëmweltminister, Serge Wilmes, ënnerhuelen, fir d'Situatioun um Ëmweltministère ze verbesseren?

2. Wat fir eng weider Aktioune wäert de Minister fir den ëffentlechen Déngscht, Serge Wilmes, ënnerhuelen, fir dem Ëmweltministère am Prozess z'ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés